N°4455
Entrée le 15.07.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 16.07.2026
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 14/07/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Premierminister an d'Ministere fir Wirtschaft & Landwirtschaft, Ernährung a Wäibau weiderzeleeden.**

Verschidde Länner an Europa ënnerhale strategesch Liewensmëttelreserven, fir d'Bevëlkerung am Krisefall mat Grondliewensmëttel ze versuergen. Sou lagert Däitschland am Kader vun der „Ziviler Notfallreserve" an der „Bundesreserve Getreide" ronn 800.000 Tonne laang haltbar Liewensmëttel (Räis, Ierbessen, Lënsen, Kondensmëllech, Weess, Kar an Huewer) op ronn 150 geheime Standuerter, mat engem Gesamtwäert vu ronn 200 Milliounen Euro. D'Schwäiz verflicht iwwer hire „Pflichtlager"-System privat Importateuren an Entreprisen, Reserve fir bis zu véier Méint unzeleeën. Och a Finnland, Ungarn an Tschechien existéiere vergläichbar national Reserven.

Lëtzebuerg ass duerch seng geographesch Situatioun a seng héich Importofhängegkeet bei Liewensmëttel besonnesch vulnerabel par rapport zu Stéierunge vun de Versuergungsketten, sief et duerch geopolitesch Spannungen, Pandemien, Cyberattacken op d'Logistik oder Naturkatastrophen. Déi modern „Just-in-time"-Logistik vum Grousshandel impliziéiert, datt d'Stocke vun de Supermarchéen an der Reegel nëmme wéineg Deeg duerhalen.

D'Europäesch Kommissioun huet den 9. Juli 2025 hir „EU Stockpiling Strategy" virgestallt, déi d'Memberstaaten opfuerdert, hir strategesch Reserven ze verstäerken an ze koordinéieren. D'Regierung huet hirersäits am Oktober 2025 d'Stratégie nationale de résilience („Lëtz prepare!") presentéiert, déi ë.a. e Pilier iwwer déi „integréiert Gestioun vu strategeschen a logistesche Ressourcen" enthält an de Bierger recommandéiert, fir mindestens 72 Stonnen autonom ze sinn.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

1. Verfüügt de Lëtzebuerger Staat aktuell iwwer strategesch Reserve vu Grondliewensmëttel oder Drénkwaasser? Wa jo, a wéiem Volummen, fir wéi eng Dauer vun der Versuergung vun der Bevëlkerung, a wéi héich sinn déi järlech Käschte fir d'Lagerung?

2. Falls nee: Aus wéi enge Grënn gouf bis elo op sou eng Reserve verzicht, a gedenkt d'Regierung, am Kader vum Pilier 5 vun der Stratégie nationale de résilience, d'Schafung vun enger nationaler Liewensmëttelreserve ze evaluéieren?

3. Wéi vill Deeg géif no Aschätzung vun der Regierung d'Versuergung vun der Bevëlkerung mat Grondliewensmëttel am Fall vun engem kompletten Ausfall vun den Importer duerhalen, wann ee just déi bestoend Stocke vum Handel, vum Grousshandel a vun der nationaler Produktioun berécksiichtegt?

4. Existéieren Ofkommes oder Konventioune mam Secteur vun der Groussdistributioun respektiv de Grossisten, fir am Krisefall Mindestbestänn ze garantéieren oder Stocke fir de Staat ze mobiliséieren, no dem Virbild vum Schwäizer „Pflichtlager"-System? Falls nee, gëtt sou e Modell gepréift?

5. Wéi eng konkret Suite gedenkt d'Regierung der „EU Stockpiling Strategy" vum Juli 2025 ze ginn? Ass eng Participatioun u gemeinsame regionale Reserven, zum Beispill am Kader vum Benelux oder mat der Groussregioun, virgesinn?

6. Existéiere Pläng an Infrastrukture fir eng Gemeinschaftsverpfleegung vun der Bevëlkerung am Krisefall (Zentralkichen, Verdeelungslogistik, Kooperatioun mam CGDIS an de Gemengen)? Wa jo, fir wéi vill Persoune pro Dag kéint esou eng Verpfleegung séchergestallt ginn?

7. D'Recommandatioun vun 72 Stonnen Autonomie setzt viraus, datt duerno de Staat d'Versuergung iwwerhëlt. Op wéi eng Ressourcen a Mechanisme stëtzt sech dës Iwwernam konkret no Oflaf vun deenen 72 Stonnen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Deputéierten